N°3304
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, an der Madame Ministesch fir Digitaliséierung, Stéphanie Obertin, op d'parlamentaresch Fro n°3304 vum 08.12.2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Sproochen, déi bei der Korrespondenz mat den Administratioune benotzt ginn**

**1. Wéi eng Moossnamen existéieren, fir datt all Verwaltungen – Ministèren, Gemengen oder sos [sic] ëffentlech Verwaltungen – de Bierger:innen an der Sprooch vun hirer Wiel äntweren? Aneschters: Wéi gëtt séchergestallt, dass den Artikel 4 vum uewe genannte Gesetz respektéiert gëtt?**

Wéi den honorabelen Deputéierten et ernimmt huet, gesäit d'Sproochegesetz vun 1984 vir, dass d'Administratiounen, esou wäit wéi méiglech, an där Sprooch (Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch) sollen äntweren an där d'Requêtë formuléiert sinn. Déi jeeweileg Entitéite si responsabel fir dat ëmzesetzen. De Minister fir d'Fonction publique ass net zoustänneg fir ze kontrolléieren, ob dat gemaach gëtt.

Dëst gesot, ass et awer esou, dass den INAP, esouwuel fir d'Agente vum Staat, wéi och fir d'Agenten aus dem Gemengesecteur, Coursen ubitt, fir eng gutt Kommunikatioun an e gudde Kontakt mam Bierger.

**2. Firwat kommunizéiert een Deel vun de Ministèrë systematesch op Franséisch, och wann d'Bierger explizit op Däitsch oder op Lëtzebuergesch kommunizéieren oder eng Sproochepräferenz uginn hunn?**

Sou wéi an der éischter Fro schonn erkläert sinn déi jeeweileg Entitéite responsabel fir d'Sproochegesetz ëmzesetzen. Duerfir kann de Minister fir d'Fonction publique net op déi allgemeng Kritik vum honorabelen Deputéierte Positioun bezéien.

**3. Ass virgesinn, datt Bierger op myguichet.lu eng Sproocherpräferenz kënnen uginn, déi dann zentral fir all Verwaltunge gëllt?**

Falls eng Demarche op MyGuichet a verschiddene Sprooche besteet, kann de Bierger déi Sprooch auswielen an där hien seng Demarche wëll maachen. Déi jeeweileg Verwaltung bleift ëmmer responsabel fir hir Demarchen, dat esouwuel a wéi enger Sprooch se ugebuede ginn, wéi och a wéi enger vun den administrative Sprooche se mam Bierger kommunizéiert.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes